

Dat heescht, et ass wichteg, dass mer à la pointe bleiwen. Dofir ass et wichteg, do nozebesseren, wou dat néideg ass, fir dass mer och eise Virsprong net verspillen. De Rapportier huet et och ganz richtig gesot: Dat heiten ass ausgeschafft ginn am Dialog mat de Parties prenantes aus dem Secteur. An ech mengen, wat mer hei fäerdegbruecht hunn, ass, de Mëttelwee ze fannen, fir souwuel op där enger Säit Demandé vum Secteur entgéintzekommen an op där anerer Säit och d'Protektioun vun den Investisseure weider ze garantéieren.

Den Text gesäit dofir déi punktuell Ännerunge vun de fënnef sektorielle Gesetzesprojete vir, den Här Bauler huet dat am Detail erkläert. Nach eng Kéier: Fir kompetitiv an attraktiv ze bleiwen, mussen mir ganz gutt oppassen, well mir effektiv gesinn, dass verschidde Parts de marché un Irland weiderginn.

Bon, ech thematiséieren am Fong ni ganz gären esou en place publique an net an der Plénière iwwert d'Konkurrenz, mee dat ass esou. An dofir sinn an deemem Text och e puer gezielt Mesüeren, fir eeben d'Taxe d'abonnement erfzesetzen. Déi sinn heidra virgesinn. An et ginn och punktuell Upassungen un europäesch Reglementer gemaach.

Hei geet et dann eebe virun allem drëm, d'Industrie ze encouragéieren, sech fir Lëtzebuerg ze entscheeden, wa se dann nei Produiten opleet. An déi nei Produiten, déi si jo erkläert ginn. Hei geet et ëm Investissementen an Infrastruktur an och an déi sougenannte PEPPen, d'Épargne retraite. Et handelt sech hei also ëm ganz cibléiert Mesüeren, déi och spezifesch reglementéiert sinn um europäeschen Niveau. An ech mengen, et ass wierklech ganz wichteg, fir dat ze ënnersträichen, dass et sech hei ëm reglementéiert Fongen handelt. An et ass och e puermol mentionéiert ginn a fir mech ass dat och ganz wichteg, dass d'Europäesch Kommissioun trotzdeem d'Memberstaaten explizit opgefuert huet, fiskalesch Incitatiounen fir dës Produiten ze schafen.

D'Fro ass gestallt ginn zum Dechet. Déi proposéiert Mesüre géifen de Staat dann ëm déi 8 Milliounen Euro kaschten, dovunner 1,3 Milliounen, well déi besteeënd ELTIFe wäerten dann exoneréiert ginn, a 6,7 Milliounen duerch d'Upassung un déi nei europäesch Definitiv vum de Money Market Funds. Et kann een awer dervunner ausgoen, dass dës dann trotzdeem liichten Déchet fiscal wäert kompenséiert ginn duerch de positiven Impakt vun dëse Moossnamen, fir déi betraffe Fongen dann zu Lëtzebuerg kënnen ze hunn. Also, ech mengen, déi Diskussioun, déi soll ena mussen mer och weider féieren an deemem Haus, zesummen dann an der Cofibu, well ech mengen, hei misste mer kucken, wéi mer eis effektiv an Zukunft dann och opstellen, an do solle mer selbstverständlech déi Diskussioun och zesummen féieren.

Ech mengen, mir wëssen, de Secteur hätt am léifsten d'Taxe d'abonnement ofgeschaf. Mir wëssen awer och, dass dat – an dat ass och mentionéiert ginn – trotzdeem 1,2 Milliarden – dat war fir 2022 – Steieren age driwwen huet. Dat si wichteg Recetten. Ech mengen, hei hu mer den Equilibre fonnt, well mer wëllen eeben nei reglementéiert europäesch Produite promouvéieren, fir méi Aktivitéit op Lëtzebuerg ze zéien. Dat soll en Effet incitatif hunn, ouni dass elo de Prinzipp vun der Taxe d'abonnement a Fro gestallt gëtt.

Ech mengen, do, wou mir Produite mat null Taxe d'abonnement unzéien – well ech mengen, déi kéinte jo grad esou gutt an en anert Land goen, fir net nees Irland ze mentionéieren –, do kréie mer natierlech da Steieren op d'Sociétés de gestion. Do ginn och Leit age stellt. Dat generéiert Business, dat generéiert Wuessentum op der Finanzplaz. Ech mengen op alle Fall, dat

misst eis alleguerter wichteg sinn, sachant, dass dat wichteg Steierrecettë sinn, a sachant och, dass an deenen nächste Joren trotzdeem ganz vill Depensé wäerten op eis zoukommen, ob dat ass, fir d'duebel Transitioun ze finanzéieren, ob dat ass, fir och eis Klimaziler ze erreechen, ob dat an der Defense ass.

Voilà, ech schléissen of, andeem ech Iech dann nach eng Kéier e grouse Merci soe fir déi breet Zoustëmmung. An ech wëll och mengen Ekippen am Finanzministère Merci soen, déi hei ganz vill dru geschafft hunn, an nach eng Kéier, zesumme mat de Parties prenantes.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Finanzministesch Yuriko Backes. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8183. Den Text steet am Document parlementaire 8183<sup>2</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 8183 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 55 Jo-Stëmmen, 2 Nee-Stëmmen an 1 Abstentioun ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 8183 est adopté par 55 voix pour, 2 voix contre et 2 abstentions.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Claude Lamberty) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup.*

*Ont voté non : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Se sont abstenus : MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### **7. Dépôt d'une résolution par Mme Nathalie Oberweis**

Da géif ech d'Wuert ginn un déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis fir den Depot vun enger Resolution.

#### **Exposé**

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk), auteure | Jo, ganz kuerz. Merci, Här President. Wéi ech virdrun

annoncéiert hunn, hat ech mech geiert. A menger Motioun virrunner war e Punkt dran, deen u sech net an eng Motioun gehéiert, mee an eng Resolution. Dat heescht, an Däitschland, do huet den Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher u sech d'Recht, e Bureau de réclamations ze sinn. Also, voilà, en huet méi Pouvoir wéi den Okaju zu Lëtzebuerg. A genau dofir deposéiere mir hei eng Resolution, wou mer d'Chamber invitéieren, eise Okaju och déi Méiglechkeet ze ginn, dass en eebe méi Pouvoiren huet a deene Jonken an de Kanner net méi just kann nolauschten, mee eeben och ka vermëttelen, voilà, mediéieren, an eeben och Bureau de réclamations sinn.

Villmools merci.

#### **Résolution**

*La Chambre des Députés,*

*considérant*

*– la Convention internationale des droits des enfants ;*

*– les lignes directrices de l'ONU relatives à la protection de remplacement pour les enfants ;*

*– les recommandations les plus récentes du Comité des droits de l'enfant pour le Luxembourg,*

*décide*

*– d'étudier la possibilité de donner à l'Ombudsman pour enfants et jeunes les pouvoirs d'un bureau de réclamations pour les enfants et les jeunes.*

(s.) Nathalie Oberweis, Myriam Cecchetti.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis.

### **8. 8016 – Projet de loi portant modification :**

**1<sup>o</sup> du Code du travail ;**

**2<sup>o</sup> de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ;**

**3<sup>o</sup> de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux,**

**en vue de la transposition de la directive (UE) 2019/1158 du Parlement européen et du Conseil du 20 juin 2019 concernant l'équilibre entre vie professionnelle et vie privée des parents et des aidants et abrogeant la directive 2010/18/UE du Conseil**

Mir kommen elo zum Projet de loi 8016, enger Upassung vun enger Direktiv iwwert d'Gläichgewicht tëschent dem professionellen an dem private Liewe vun den Elteren an de Versuerger. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapportier vun deemem Projet de loi, den honorabelen Här Dan Kersch. Här Kersch, Dir hutt d'Wuert.

#### **Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale**

**M. Dan Kersch** (LSAP), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Work-Life-Balance ass e Sujet, deen an deene leschte Jore staark u Bedeitung gewonnen huet an och scho méi wéi eng Kéier hei an der Chamber diskutéiert ginn ass.

Den 20. Juni 2019 hunn dat Europäesch Parlament an den EU-Conseil eng entsprechend Direktiv erausbruecht. Et muss ee soen, dass viles vun deem, wat an där Direktiv stoung, hei zu Lëtzebuerg scho laang Standard war, mee eeben net grad alles. An dat ass och de Grond, firwat d'Regierung decidéiert huet, e Gesetzesprojet op de Wee ze bréngen, fir eeben nach déi feelend Punkten och hei zu Lëtzebuerg ëmzesetzen. Dat sinn d'Projeten 8016 an zum Deel och nach 8017, dee mer uschlëssend wäerten diskutéieren.

Mir stëmmen haut iwwer e Gesetz of, dat zum Zil huet, d'Work-Life-Balance ze verbesseren. Déi Anglizisme kréie mer jo ëmmer méi ze héieren, dofir géif ech et eng Kiéier op Lëtzebuergesch soen: Déi sollen d'Veereebbarkeet vu Familljen- a Berufsfliewe verbesseren. Ech mengen, da versteet jiddwereen, wat ech wëll. An ech héieren hei schonn d'Kollegee vun der ADR, déi richteg frou sinn, dass mer dat allequerte verstanen hunn.

(*Interruption*)

**Une voix** | Très bien!

**M. Dan Kersch** (LSAP), rapporteur | Wann Dir mech lueft, da stellen ech mir ëmmer Froen.

(*Hilarité*)

Konkreet sollen zwee nei Congéen agefouert ginn. Een ass de Congé d'aidant. Duerch dee soll e Salarié bis zu fënnf Deeg Congé d'Joer kënnen huelen, fir engem Familljemember ze hëllefen oder dësen ze fleegen.

Da gesäit de Projet och d'Aféierung vun engem Congé „pour raisons de force majeure“ vir. Dëse Congé ass fir urgent Familljesituatiounen, esou wéi een et seet, wou et en Accident oder e Krankheetsfall an der Famill gëtt an ee séier muss kënnen asprangen. De Salarié huet bis zu engem Dag Congé pro Joer zegutt, fir déi doten Aart vu Congé ze huelen.

De Projet gesäit dann och vir, datt Salariéen, deenen hir Kanner ënner néng Joer al sinn an déi awer eng Anciennetéit vun op d'mannst sechs Méint hunn – net d'Kanner an deem Fall, mee de Salarié, also bei sengem Patron –, solle kënnen flexibel Aarbechtsforme revendiquieren.

De Gesetzesprojet gesäit ausserdeem Sanktiounen vir, sollt de Salarié vu sengem Patron de Congé – oder déi Congéen, vun deenen ech elo geschwat hunn – refuséiert kréien. De Salarié ass géint Kënnegung geschützt, wann dës a Relatioun zu enger Demande vun engem vun deenen zwee Congéen oder zu enger Demande no flexibelen Aarbechtszäitreegelunge steet.

Et gëtt och kloergestallt, dass de Patron säi Refus muss motivéieren, wann hien eng Demande vum Salarié no engem fraktionéierte Congé parental oder zu engem Report vum zweete Congé parental net acceptéiert. Wat de Report vum zweete Congé parental ugeet, huet de Patron dem Salarié eng alternativ Propos ze maachen.

Am Kader vun den Tripartitt-Verhandlungen – och dat ass wichteg – am September d'lescht Joer huet d'Regierung sech mat de Sozialpartner geeenegt, dass 50 % vun de Käschte vun deenen zwee Congé vum Staat wäerten iwwerholl ginn. Och dat sollt hei erwänt ginn, well jo eng Rei Leit behaupten, an der Tripartitt wäeren nëmme Léisunge fir Problemer vu Salariéer gesicht ginn. Hei ass de lebendige Beweis, dass hei och un d'Betriben geduecht ginn ass.

De Projet de loi ass den 2. Juni 2022 vum Aarbechtsminister deponéiert ginn. Duerno hunn eng Rei vu Berufschamberen hir Avisen zum Gesetzesprojet ginn. Den éischten Avis ass den 28. Juni 2022 vun der Chambre des Salariés komm. D'Berufschamber huet hiren Accord zum Gesetzesprojet ginn, allerdéngs kritiséiert si, dass de Gesetzesprojet net ambitionéiert genuch wier.

Den 11. Juli 2022 huet d'Staatsbeamtekummer och hiren Accord ginn. An hirem Avis complémentaire vum 4. Juli 2023 huet déi nämmelecht Berufschamber och hiren Accord zu de parlamentareschen Amendementer ginn.

De Staatsrot huet a sengem Avis vum 25. Oktober 2022 fënnf Opposition-formellé formuléiert. Den 31. März 2023 huet de Staatsrot säin éischten Avis

complémentaire ofginn. De Staatsrot hält do u senger fënnf initialen Opposition-formellé fest a formuléiert weider zwou Opposition-formellen zu deenen Amendementer vun der Regierung vum 25. Januar 2023.

D'Kommissioun huet an hiren Sitzung vum 25. Mee 2023 eng Rei vu parlamentareschen Amendementer decidéiert. An där Sitzung gouf ech iwwerengs och als Rapporteur designéiert. A sengem zweeten Avis complémentaire vum 4. Juli 2023 hieft de Staatsrot dann all seng Opposition-formellen op.

VLäicht nach e Wuert zur Chambre de Commerce: D'Chambre des Métiers an d'Chambre de Commerce hu gemeinsam en Avis vum 2. November 2022 gemaach. Do hu si sech géint de Projet ausgeschat. An d'Argument, firwat se sech géint dee Projet ausgeschat hunn, war, dass d'Betriben misste fir d'Käschten opkommen, während d'Direktiv dat esou guer net explizitt géif verlaangen. Ech hunn Iech virdru gesot, an der Tripartitt ass en Accord fonnt ginn, dass déi Käschte gedeelt ginn, soudass déi Kritik also muss relativéiert ginn.

An hirem Avis complémentaire vum 9. Februar 2023 gëtt d'CSL dann hiren Accord zu den Amendementer vun der Regierung.

De Conseil supérieur des personnes handicapées – och dat wëll ech haut hei soen – huet de 14. März 2023 en Avis erausginn an huet och do proposéiert, d'Definitiou vum „aidant“ nach weider ze erweideren.

Erlaabt mer nach ze soen, dass d'LSAP selbstverständlech dëse Projet de loi wäert ënnerstëtzen, well e voll an der Logik vun deem läit, wat d'LSAP och op anere Pläng seet, nämlech dass d'Attraktivitéit vum Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg ganz enk mat der Attraktivitéit vu sengen Aarbechtsplazen zesummenhängt, an dat heiten natierlech e ganz grouse Schrëtt ass, fir eis Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg nach méi attraktiv ze maachen.

Merci villmools.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur Dan Kersch.

An éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**M. Marc Spautz** (CSV) | Merci. Merci, Här President. Merci och un de Rapporteur, den Dan Kersch, fir d'Erklärungen, schrëftlech wéi och mündlech, zu dësem Projet de loi Nummer 8016 an eisem Regëster. Ech wëll och soen, och deen zweete Projet, dee mer duerno wäerten diskutieren, baséiert sech op déi selwecht Direktiv. Et ass jo d'Ëmsetzung vun enger EU-Direktiv vum 20. Juni 2019, wou déi zwee Punkte mat dra sinn, wat awer hei zu Lëtzebuerg net an engem Gesetz als Ganz ëmgesat gëtt, mee an zwee Gesetzer, well dat vun der Paternitéit, wat herno kënnt, gehéiert och am Fong zum Inhalt vun dëser Direktiv.

Et ass eng Direktiv, déi sech ausdréckt iwwer eng besser Relatioun zwëschen Zesummeliwwen, Liewen, a Schaffegoen, an ech mengen, dass d'Richtung och stëmmt. An zu all deem, wat den Dan Kersch virdru gesot huet als Rapporteur, mengen ech, ass des Weideren näischt méi bäizefügen.

Dat Eenzegt, wat och wichteg ass ze ënnersträichen, ass, dass och hei d'Independanté materakommen, wat och ëmmer eng laang Diskussioun war an der Vergaangenheet a wou mer och nach eng Kiéier eng Diskussioun hate bei de Mesüre während dem Covid. Dat gëtt hei direkt mat gereegelt. An dofir wäerte mir och als CSV dësem Projet de loi eis Zoustëmmung ginn.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Spautz. An ech ginn d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, an de leschte Joren ass viles ënnerholl ginn, fir d'Work-Life-Balance vun de Leit ze verbesseren. Niewent engem extreem favorable Congé parental, deen e grouse Succès huet, sinn och ee weidere Congésdag an een zousätzleche Feierdag agefouert ginn, souwéi och den Teletravail geféiert ginn.

Am Kader vun enger EU-Direktiv féiere mir haut weider Dispositiounen an, déi eng besser Balance tëscht Aarbecht a Famill erméiglechen. Ech ginn net weider op d'Detailer vun dësem Projet an. De Rapporteur huet dat gemaach an engem gudden schrëftlechen an och mündlechen Rapport. E grouse Merci dofir.

De Congé aidant, dee mir aféieren, erënnert un de Congé pour soutien familial, deen d'Familljeministesch Corinne Cahen während der Covidpandemie en place gesat huet. Dëse Congé war néideg ginn, well während der sanitärer Kris d'Strukture fir Persounen mat Handicap wéi och fir eeler Leit hir Dieren temporaire hu missen zoumaachen a sech esou keen ëm dës Mënsche këmmere konnt. Während der Pandemie ass eis esou d'Wichtigkeet vun de Fleegeberuffer an der Careearbecht nach eemol méi bewosst ginn. D'Aféiere vum Congé d'aidant ass EU-wäit een Zeechen dofir, dass dës Aarbecht, och wa se vun engem Familljemember oder enger Persoun, déi bei engem am Stot wunnt, gemaach gëtt, wäertgeschat gëtt.

Wat de Congé en cas de force majeure ugeet, hunn ech am Kader vun den Diskussiounen an der parlamentarescher Kommissioun ënner anerem d'Fro opgeworf, wéi eventuell Abuse vun dësem Congé kéinten evitéiert ginn. Ugangs war nämlech virgesinn, hei e medezinneschen Attest als Preuve virzeleeën. Well déi europäesch Direktiv dëst awer net virgesäit, hat de Staatsrot hei eng Opposition formelle formuléiert.

Ech hat duerfir d'Fro an der Kommissioun opgeworf, wéi d'Kontroll vun dem Motiv vun der Force majeure géif stattfannen. Et gëtt awer der Äntwert vum Minister no net wierklech e Moyer fir den Employeur. Dëse muss sech a priori op d'Éierlechkeet vun de Leit verloossen, datt si dëse Congé och wierklech just am Extremfall, eeben an engem Cas de force majeure, notzen, fir deen en och virgesinn ass. Abuse mussen awer op alle Fall evitéiert ginn, soudass mir hei dëse Gesetzesprojet och a senger Exekutioun, mengen ech, mussen suivéieren. Ofgesinn dovunner, dass et eeben e Risiko gëtt vu gewëssenen Abuse, an d'Aféierung vum Congé d'aidant awer op alle Fall op e reelle Besoin zréckzeféieren, deem mir heimadder och Rechnung droen.

Bei de flexibelen Aarbechtsformen, de sougenannte „formules souples de travail“, begréisst meng Fraktioun, dass den Employeur matschwätze kann an de Besoine vu sengem Betrib och ka Rechnung gedroe ginn. Wann en Employeur eng Demande kritt, fir vun enger Formule souple de travail ze profitéieren, da kann dës Demande, le cas échéant, refuséiert oder reportéiert ginn, soulaang de Patron seng Decisioun ausräichend begrënt. Esou stelle mir sécher, datt eng méi flexibel Aarbechtsorganisatioun keen negativen Impakt op de Fonctionnement vun engem Betrib huet.

Den Dispositif vun de Formules souples de travail gesäit meng Fraktioun do dernieft awer och als Geleeënheet, de Sujet vun der Aarbechtsflexibiliséierung méi oppen ze diskutieren an och de Betriben, am Accord mat hire Salariéen, méi Spillraum bei der



Aarbechtszäit an der Aarbechtsorganisatioun ze bidden.

Här President, et ass scho gesot ginn: Am Kader vun der Tripartitt am September 2022 gouf decidéiert, datt d'Remuneratioun vun den zwee neie Congéen zu 50 % vum Staat iwwerholl an un d'Employeure rembourséiert wäert ginn. Fir eise Betriber zousätzlech finanziell Chargen ze erspieren, hätt een och op de Wee kënne goen, béid Congéen net ze remuneréieren. D'Betriber mussen schlisslech schonn eleng op organisatoreschem Niveau all Absence vun engem Salarié opfänken, wat och Ressourcë kascht.

D'Direktiv gesäit keng Remuneratioun am Kader vu béide Congée vir. Mir maachen de Salariéen hei deemno eng zousätzlech Faveur, déi net verlaangt war an zum Beispill och vun der Belsch, also eisem Nopeschland, bei hirer Transporthilfe vun der Direktiv och net gemaach gouf.

An der Aarbechtskommissioun hat ech och nach opgeworf, dass e Suivi misst gemaach gi vun den neie Congée bei Salariéen, déi innerhalv vun engem Joer méi wéi ee Patron hunn, dat heescht zum Beispill an engem CDD sinn, als Interim schaffen oder am Joer hir Plaz wiesselen. Den Här Minister hat dorobber geäntwert, dass déi nei Congéen net pro Patron, mee pro Salarié gëllen, dat heescht, dass wierklech och op d'Joer misst gekuckt ginn. De Ministère, dee géif d'Situatioun vun de Congée suivieren an de Ministère weisst och, wéi vill Remboursementer scho gefrot goufen. E Congé, deem deemno iwwert déi maximal Unzuel u gesetzlechen Deeg ugefrot géif ginn, géif deemno net rembourséiert ginn. Hei muss eis och d'Zukunft weisen, ob eventuell Abuse kënne evitéiert ginn oder ob mer nach legislativ nobessere mussen.

Ech ginn heimadde den Accord vu menger Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Opmerksamkeet.

**Une voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Madamm Hartmann. An da wier et ... O, den Här Kersch huet nach eng Fro un Iech, Madamm Hartmann.

**M. Dan Kersch (LSAP), rapporteur |** Ech hätt jo u sech nach Riedezäit och fir d'LSAP. Mee hunn ech d'Madamm Hartmann elo richteg verstanen, dass Dir gesot hutt, dass Är Fraktioun léiwer gehat hätt, mir hätten déi Congéen do net remuneréiert? Wann dat esou de Fall ass, muss ech Iech soen, dass Der do komplett a Widdersproch sidd mat deem, wat d'Regierung decidéiert huet, an zweetens och, wat meng Partei mengt.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Här Kersch. An ech ginn d'Wuert zréck un d'Madamm Hartmann.

**Mme Carole Hartmann (DP) |** Ech hu gesot, dass d'Direktiv eis net imposéiert huet, déi Congéen ze remuneréieren. An ier eng Tripartitt stattfonnt huet, hu jo och Diskussiounen an enger Majoritéit stattfonnt. Meng Fraktioun war duerchaus der Meenung, dass een hätt kënne och scho virun enger Tripartitt doriwwer schwätzen, wien déi Congéen do soll remuneréieren, an dass dat eng Charge ass, déi fir de Patron duerchaus considerabel ass.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Madamm Hartmann. An da kann ech elo d'Wuert weiderginn un den honorabelen Här Charles Margue.

**M. Charles Margue (déi gréng) |** Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och dem Rapporteur merci fir dee schrëftlechen an dee mündleche Rapport an och fir déi Nofro elo grad. Ech kann Iech soen, dass mir aus der grénger Fraktioun voll hannert där Moosnam, wéi se elo getraff ginn ass a wéi se

och gedeelt ginn ass opgrond vun der Regierungspoliitioun, stinn.

Ech sinn och frou, dass mer am Fong hei erëm an engem Gesetzesprojet ënnerwee sinn – mir hunn d'lescht Woch iwwer Teletravail diskutéiert –, wou duerch de Covid eng Partie Saache wierklech an d'Rulle komm sinn. Muer wäert ech nach am Justizberäich dovunner schwätzen. Mee déi ganz Fro, dass mer d'Independanten och sozial ofsécheren an all eise Gesetzgebungen, betruuechte wéi déi Leit, déi deen néidege Schutz brauchen, an net dass de Statut vum Indépendant just e Luxusstatut ass, mee dass do och eng Verantwortung vun der Gesellschaft derzougehéiert, déi Leit ze ënnerstëtzen, wann hinnen e Schicksalsschlag widerfiert.

Als gréng Fraktioun soe mir dann och, dass dee Projet hei och an déi richteg Richtung geet vun deem, wat mer ëmmer zur Aarbechtsorganisatioun an Aarbechtszäitorganisatioun an der leschter Zäit gesot hunn. Mir sinn hei wierklech an engem soziale Weiderschritt. Soziale Fortschritt ass hei wierklech keen eidele Begrëff.

Mir ass et wichteg, dass op der Aarbecht eng Relatioun ass tëscht Salarié a Patron, déi befriddegt ass, déi am Respekt stattfënt. Jiddwereen, deen e kranke Mënsch doheem huet, deen e Cas de force majeure huet, ass an enger prekärer Situatioun an e soll net zousätzleche Stress gemaach kréien, well en op der Aarbecht fäert ze froen, sech dréckt oder esou weider, dat dann a sech erafrësst an dann deemno wéi sech esou organiséiert, dass e wierklech net à l'aise ass, fir do ze sinn, wou en dee Moment higeheiert, dat heescht bei senge Léifsten. Duerfir sollen all déi Gesetzger geholl ginn, fir eng Befriedung vun der Aarbechtsplaz, vun der Aarbechtsrelatioun ze maachen.

Här Minister, mir haten an der Chamberkommissioun awer och eng Diskussioun, déi ech selwer opbruecht hat deemools, an ech sinn nach ëmmer net ganz frou, muss ech dann awer och soen. Mir sinn hei dobäi bliwwen bei der Definitioun vum Familljemember. Mir wësse jo awer, dass heiansdo en anere Mënsch engem méi no ass wéi eng Famill – loosse mer dat emol einfach esou dohinnerstellen –, déi vläicht geografesch wäit ewech ass. Dass d'Personne de référence, déi niewendrun ass, déi sech permanent ëm ee këmmert, a kengem Mooss hei kann abezu ginn, ass e Bemoll, deen ech hu bei deem Gesetzesprojet. Ech weess och, mir haten driwwer diskutéiert, dass en net einfach ze léisen ass, mee mir sollten awer wannechgelift an Zukunft och doriwwer nodenken, wéi een déi Saach kéint reegelen.

Bon, dat gesot, ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun. Merci.

**Mme Djuna Bernard (déi gréng) |** Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Margue. An da wier et um honorabelen Här Jeff Engelen.

**M. Jeff Engelen (ADR) |** Merci, Här President. Ech géif da fir unzefänken dem Här Dan Kersch en härezeleche Merci soe fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport. Et ass villen gesot ginn hei vun alle Säiten. Et ass e Gesetz, dat an déi richteg Richtung geet. Et stäerkt d'Famill, besonnesch dann, wann Noutsituatiounen an engem Haus oder an enger Famill sinn. An duerfir gi mir den Accord zu deem Gesetzesprojet.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Engelen. An ech ginn d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) |** Här President, als Alleréisch dem Rapporteur emol e grouse Merci

fir säi mündlechen a schrëftleche Rapport. A vierech och gesot: Mir stëmmen deem Projet de loi selbstverständlech zou. Et geet an déi richteg Richtung, mee mir hunn och e bëssen e puer Kriticken, genau wéi mäi Virvriedner. Et geet e bëssen an déi nämmelecht Richtung.

Här President, dese Projet de loi berout op enger europäescher Direktiv, déi mir ëmsetze mussen. Mir begreissen natierlech dese Schratt an der EU an och hei am Land vun deem minimale soziale Congé, fir d'Work-Life-Balance ze verbesseren. Dat geet absolutt an déi richteg Richtung.

Dës Direktiv erméiglecht deene verschiddenen EU-Staaten eng gewësse Flexibilitéit, wat des Congéen ugeet. Dowéinst muss een hei ganz kloer soen, dass mer nach e bësse Loft no uewe gehat hätten, wa mer et gewollt hätten. Mee wéi gesot, et ass scho besser esou.

Dowéinst ralliiere mir eis och dem Avis vun der CSL, déi genesou wéi mir och haaptsächlech zwee Punkte kritiséiert hat, datt een dee Congé pour raisons de force majeure, wou een een Dag respektiv acht Stonne kritt, eventuell och hätt kënne vläicht méi flexibel maache mat engem Dokteschbescheed, wou dee Mënsch, deen da wierklech eng Situatioun huet, déi net flott ass, vläicht och méi hätt kënne kréie wéi just acht Stonnen, well heiansdo geet dat awer net duer.

Ech mengen, mäi Vis-à-vis war eng Zäit Buergermeeschter vun enger Gemeng. Mir haten an där Zäit, wéi hie Buergermeeschter war, zwee Fäll, déi ganz uerg waren. An et war gottseidank duerch Flexibilitéit vum Patron, deen do reagéiert huet an dee gemaach huet, datt déi Leit sech konnten hire Léifsten zouwenden. Dat ass awer leider net iwwerall an duerfir ass dat hei immens wichteg, datt dat hei esou an de Gesetzesprojet stoe kënn. Mir hätten do eeben éischter nach vläicht op méi eng Flexibilitéit gepocht. Mee wéi gesot, deen een Dag ass scho ganz gutt.

An dee Congé d'aidant vu fënnf Deeg oder 40 Stonnen, deen ass och an eisen Aen – ech mengen, den Här Charles Margue huet et gesot – e bëssen ze restriktiv. Mir wieren och frou gewiescht, wa Geschwëster, Grousseltere matagebonne gi wären oder souguer ... De Conseil supérieur des personnes handicapées geet vill méi wäit. Dee seet: „Et muss emol net eng Persoun sinn, déi Famill ass, mee et kann eng Persoun de confiance si vun där Persoun.“ An dat hu mer, wann ee mat Leit schwätzt, déi am Handicap schaffen, ganz oft. An et ass einfach schued, datt een do net déi Ouverture konnt maachen.

D'CSL hat och eng Propos fir e Congé social élargi, esou wéi en och an der Fonction publique besteet, eraginn. A mir fannen déi Iddi och eigentlech ganz sympathesch a sennvoll. Dese géif dräi Deeg oder 24 Stonnen, déi fraktionabel sinn, all dräi Méint op ee Joer hierginn. Dës misst natierlech motivéiert ginn, fir datt keen Abus ka gedriwwen ginn. Dat ass jo ganz, ganz kloer.

A si hunn och gesot, do wieren zwou Zorte vu Motiver. Dat éischt wieren Evenementer, déi mat der Persoun direkt ze dinn hunn, wéi juristesche Convocatiounen, Examen, Studien, Incidenten am Stot, oder Evenementer eeben, déi a Relatioun mat engem Member vun der Famill oder dem Menage stinn, esou wéi eebe Soinen, Assistance bei Krankheet, Accidenter, Visite-médicallien oder esou weider.

Här President, komme mer elo nach zum Congé parental. Och hei gëtt et e puer Kritikpunkten, déi leider mat deem Projet de loi net ausgebigelt konnte ginn. D'Recht fir de flexibele Congé parental läit nämmelech ëmmer nach beim Employeur a penaliséiert

leider nach vill ze vill oft d'Pappen, déi als Zweet eeben de Congé huelen. Do hu mer schonn Informatiounen kritt, datt dat relativ schwierig ass, well et beim Employeur ass. Et wier natierlech flott, wann een zu zwee ëmmer géif eng Léisung fannen. An dat ass jo och hei dat, wat ugeduecht ass, datt soll geschwat gi mateneen. An duerfir, mir verstinn dat gutt. Mee ech mengen, datt een do soll awer en An drop hale fir an Zukunft, wann ee misst nobesseren. Vlächtt kann ee jo do nach eppes maachen. Et ass jo näischt a Stee gemeesselt.

Och fir Eltere mat Handicap oder engem Kand mat Handicap oder Adoptiveltere si keng speziell Dispositionen am Gesetz, wat schued ass. Hei hat d'CSL jo och e puer Remarque gemaach. Ënner anerem e wichtige Punkt war och d'Remuneratioun, déi op plus/minus 4.000 Euro gesat ass, woubäi och d'CSL eigentlech gesot huet, dass si éischter géifen derfir plädieren, op zweemol de Mindestloun ze goen – dat wieren da 6.300 Euro –, fir datt wierklech all Mënsch sech dat och kéint leeschten.

Zum Ofschloss gräifen ech nach eng Ausso aus dem Avis vun der CSL op, déi sech freet, wéi et an der Praxis mat der Gestaltung vun dese Spezialcongéen ausgesäit. Et ass evident, dass de Besoin u Congéen allgemeng méi grouss gëtt. D'Tendenz, fir déi speziell Eventualitéite speziell Congéen anzeféieren, mécht duerchaus och duerfir Sënn. Mee generell gesi mir awer och, datt et sech hei ganz oft ëm eng Iwwerfuerderung an der Gesellschaft handelt, déi sech breet mécht duerch déi Careaarbecht. Well d'Aarbecht mat de Familljen, mat eelere Leit, mat handicapéierte Leit ass am Allgemengen e Liewen abseits vun der Arbecht. An dat ënner een Hutt ze bréngen, ass relativ schwierig.

Eng Congésswoch fir jiddweree méi wier schonn eng substanziiell Aarbechtszäitverkürzung a géif deenen allermeeschte Leit dowéinst sécher och ganz gutt doen. D'Verkürzung vun den Aarbechtszäiten ass keng Äntwert op all d'Erausforderungen – ëm Gottes wëllen, dat wësse mir och –, déi d'Liewe fir eis bereethält. Mee et wier awer schonn eppes an déi richteg Richtung. An ech mengen, datt mir, vu datt d'Meenungen immens auseneeginn, och eng Kéier am Fong diskutéiere missten, wéi mer an Zukunft, an deenen nächste Joren op déi Aarbechtszäitverkürzung, fir déi de Minister, ech weess, jo och ganz oppen ass, kënne kommen, fir datt mer keen am Ree stoe loosse vun de Betriber.

Merci fir d'Nolauschtenen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, mat dësem Gesetz setze mer dann eng EU-Direktiv ëm. Déi grouss Ännerung, déi kënnt, ass, datt ee kann een Dag vun der Arbecht fräigestallt ginn, wann e Familljemember en Accident huet oder en urgente medezinnesche Grond virläit.

Bon, ech si selwer Patron, a wann ech bis elo an der Vergaangenheet mat esou engem Fall konfrontéiert war, hunn ech selbstverständlech dem respektive Salarié deen Dag fräi ginn. Also do hunn ech net emol eng EU-Direktiv gebraucht, fir dorunner ze denken. Dat gehéiert zum gudde Stil a mengen Aen. An ech mengen, datt dat och fir déi meeschte Patronen hei am Land schonn de Fall ass, wann de Partner oder d'Elteren, a jo, souguer wann d'Grousselteren an en Autosaccident zum Beispill verwickelt wäeren. Dee Moment ka souwisou kee sech méi wierklech op d'Aarbecht konzentréieren an de Risiko vun Aarbechtsaccidenter

steigt exponentiell. Mir ginn där Saach also elo e legale Kader, wat mir Piraten ënnerstëtze kënnen.

Dann, datt een och fënnef Deeg ka fräigestallt ginn, wann e Familljemember Hëllef brauch, well en net méi alles selwer maache kann, kënne mer nëmme begreifen. Och hei mengen ech, datt jiddereen, dee scho Leit a senger Famill hat, wou ee leider weess, datt et net méi laang esou ka virugoen, dann alles mécht, fir no der Aarbecht an de Weekend nach fir se do ze sinn. An da war een nach net mat bei den Dokters-Rendez-vousen, wou et heiansdo awer immens wichteg wier, datt och nach eng Vertrauenspersoun derbäi ass. Och hei ënnerstëtze mir Piraten dat.

An ech sot et virdrun, och bei de Grousselteren zum Beispill: Mir hätten et vlächtt besser fonnt, wann een déi Definitioun vu „Familljemember“ awer méi large gesinn hätten, virun allem well d'EU-Direktiv dat hierginn hätten. Firwat also net d'Geschwëster an d'Grousseltere materanhuelen? Et steet eis als Politiker/innen net zou, eng Differenz tëscht enger Famill an där anerer ze maachen. Et gëtt Leit, fir déi sinn hir Grousselteren d'Ersatzeren. Et gëtt Leit, déi hunn nëmme Geschwëster an hirem Liewen. Do hätte mer eis eng méi grouss Ouverture gewënscht.

Mir Piraten soen dann awer och ganz kloer, datt dat heite kee Congé ass. Et sinn Deeg, déi ee just hält, well et onbedéngt néideg ass.

Mir wëllen dann och nach eng Kéier de Kommentar vun der Fonctionnaireskummer opgräifen, déi hei kloer seet, datt dësen Text kee Verdéngscht vun enger Regierung ass, wéi et am Exposé des motifs steet, mee d'Ëmsetzung vun enger EU-Direktiv. Et gouf probéiert, dat hei ze verkafen als Deel vun engem Versprechen aus dem État de la nation 2001 ..., pardon 2021 – sou laang ass et nach net versprach. Mee och wann et e kleng Schrëtt a Richtung Flexibiliséierung ass, esou ass et awer nëmme d'Ëmsetzung vun enger EU-Direktiv.

E Recht op deen Entretien, deen dann am Gesetz steet, ass och nach kee Recht op eng Flexibiliséierung. Do, mengen ech, misst d'Regierung nach méi liwweren, fir hire Versprache gerecht ze ginn. Well deen Entretien, wann ee Kanner huet bis 9 Jor ... Éischtens emol, weess ech net wierklech, ob een ... Mäi Meedchen ass nach keng 9, dat heescht, ech kann net ofschätzen, wéi et ass, wann et bis 9 Jor huet, mee ech hunn esou e Gefill, datt een och mat zwëschen 9 an 12 oder zwëschen 12 an 18 heiansdo nach eng gewësse Flexibilität brauch. An och déi, mengen ech, kann een nach e bëssen noliwweren.

Här President, ech sot et: Mir ënnerstëtzen deen heite Gesetzesprojet. Ech wollt awer nach profitéieren, fir dem Rapporteur Merci ze soe fir de mëndlechen a schrëftleche Rapport. Och wa mer eis vlächtt am Detail net eens sinn, sou ass awer och e kleng Schrëtt heiansdo e wichtige Schrëtt. An dofir stëmme mer dee Projet mat.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Aarbechtsminister Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

#### *Prise de position du Gouvernement*

**M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | Merci, Här President. Léif Deputéiert, fir d'Éischt emol e grouse Merci un de Rapporteur Dan Kersch fir deen detailléierte Rapport an och merci alle Virriedner. Vlächtt direkt eng Remark op dat, wat ech elo grad héieren hunn, dass

hei d'Regierung géif just eng Direktiv ëmsetzen. Ech weess net, wéi verschidde Leit de Prozess vun den europäeschen Institutiounen kennen, mee dat ass näischt, wat an engem luftleere Raum geschitt an et ass och net, dass dat einfach esou dohinnerkënn an ouni Negociatiounen an ouni Diskussiounen geschitt.

Do si ganz vill Diskussiounen, do si ganz vill Stonnen, déi diskutéiert ginn, do gi ganz vill Negociatiounen a Bilateralle gemaach. An dat ass wierklech intensiv Aarbecht. An do bréngt och jiddweree sech mat an. Et kritt net ëmmer jiddweree dat, wat e gären hätten, mee jiddweree probéiert, sech do matanzebréngen, soudass déi Direktiven net iergendzwoousch einfach esou vun uewen erofgefall kommen, mee dat ass richteg Aarbecht. An duerfir sinn ech och frou, dass dës Direktiv hei duergaangen ass.

An dësen Text ass méi wéi nëmme e puer Ännerungen an engem Aarbechtsgesetzbuch an en ass och net, wéi dat esou gär gesot gëtt, eng Aféierung vun neie sechs Deeg Congé einfach esou, well ech opposéiere mech wierklech ferm där doter Ausso. Am Text hei, do geet et virun allem ëm d'Valeur, déi mer eise Léifsten an eiser Famill accordéieren. An dat ass en extreem wichtige Sujet, dee ganz dacks vergiess gëtt oder ganz dacks net genuch en valeur gesat gëtt.

An enger Gesellschaft, wou et ëmmer méi séier dréit, an enger Gesellschaft, wou de perséinleche Kontakt ëmmer manner ass, an enger Gesellschaft, wou mer ëmmer manner Zäit och hu fir eis Famill, an net nëmme déi noost Famill, och déi e bësse méi wäit, an enger Gesellschaft, wou duerg d'Stonnen, déi een op der Aarbecht verbréngt, de Kontakt mat senger Kanner ganz dacks net deen ass, deen ee gären hätten, an och an enger Gesellschaft, wou d'Fleegedéngschter ëmmer méi an Usproch geholl ginn, ass esou e Gesetz wéi dat heiten extreem wichtig. Dat Gesetz hei, dat erlaabt der Famill, fireenen do ze sinn. Fireenen do ze sinn, eppes, wat vill Leit brauchen, a fireenen do ze sinn, wann d'Leit et am meeschte brauchen.

An ech wiere mech dann och dergéint, wann ee seet: „Jo, mir kréien einfach sechs Deeg Congé bäi“, well déi sechs Deeg Congé si kee Congé récréatif, deen hei bäikënn. Dat sinn déi Congéen, déi ganz genau fir eng ganz spezifesch Situatioun geduecht sinn. Eng Kéier gëtt et en Dag Congé bei engem Cas de force majeure. An duerfir ass et och richteg a verständlech, datt do an der Direktiv steet, do brauch ee kee Certificat médical, well wann engem eppes geschitt, wou engem den Himmel op de Kapp fällt – en Autosaccident –, do huet een net onbedéngt e Certificat médical dobäi, soudass et fir dee Volet do verständlech war.

Fir déi aner fënnef Deeg, do brauch een nach ëmmer e Certificat médical, wou een engem Familljemember dann och als Aidant zur Säit steet. An déi Leit, déi et do brauchen, déi do déi Hëllef brauchen, déi si schonn an enger schwieriger Situatioun. An ech weess och net, ob Der Iech ëmmer ausmole kënn, wat dat fir deen ass, deen d'Hëllef brauch, a fir deen ass, deen d'Hëllef muss gi während längerer Zäit, wann ee ganz schwéier krank ass, wann ee fleegbedürftig ass, wann ee ganz, ganz grav Problemer huet, fir deem ze hëllefen.

Duerfir ass dat hei wierklech eng Hëllef fir déi Leit, déi an der schrecklecher Situatioun sinn, datt se Hëllef brauchen, a fir déi Leit, déi sech da verflucht fillen an och verflucht vlächtt sinn, fir deene Leit dann ze hëllefen. Et ass also keen – ech soen et nach eng Kéier: keen! – Congé récréatif. Et ass net, fir weider senger Fräizäitaktivitéiten nozegoen, mee et ass e Congé extraordinaire, dee gebonnen ass un eng extraordinär Situatioun.



Do sinn der och, déi soen, dat hei hätt och e Congé sans solde kënne sinn. Virun e puer Deeg hate mer hei eng Diskussioun iwwert d'Working Poor, iwwer Leit, déi, wa se schaffen ginn, awer net genuch hunn, fir kënnen hir Enner beiennezebréngen. An elo wëlle mer deene Leit dann nach operleeën, e puer Deeg net schaffen ze goen oder e puer Deeg keng Pai ze kréien, fir sech dann enger schwieriger Situatioun unzehuelen, déi een dann doheem huet, fir deene Leit ze hëllefen? Dat wär, e Congé anzeféiere fir déi Leit, déi Klacken hunn, déi Suen hunn, an et wär, e Congé onméiglech ze maache fir déi, déi d'Suen net hunn. An dat geet op kee Fall mat eis!

(Interruptions)

Mir wëllen, datt net nëmmen déi Leit, déi sech finanziell gutt stinn, sech kënnen ëm hir Famill këmmern, mee mir wëllen, datt dat alleguerten déi Leit sinn, déi dat wëllen a kënne maachen.

Vläicht nach e Wuert zur Ausweitung vum Congé d'aidant op aner Leit wéi déi, déi elo an der Direktiv virgesi sinn. Do steet: „fils, fille, mère, père [...] ou partenaire“. Ech verstinn déi Diskussioun a mir hate se jo och an der Kommissioun, dass een dat hätt kënnen ausweiten. An dat ass sécherlech och eng Demande um Terrain, déi et op där enger oder där anerer Plaz gëtt. Mee wou geet dat do un a wou hale mer op? An déi Diskussioun hu mer jo och gefouert a mir hunn och doriwwer diskutéiert, wéi schwéier et wäert sinn, do wierklech all Fall kënne gerecht ze ginn. A mir hunn eis do un den Text vun der Direktiv gehalen, deen et esou festhält.

Dat hei ass natierlech – am Ufank war dat jo och esou virgesinn – e supplémentair Coût fir d'Betribler. Mir hunn dann an der Tripartitt decidéiert, datt do 50 % Méikäschte fir de Patron solle rembourséiert gi vun deenen Deeg, wat, mengen ech, och e ganz gudder Kompromiss ass. An ech wëll hei och awer ënnersträichen, dass Mataarbechter, déi zefridde sinn, Mataarbechter, deenen et gutt geet, Mataarbechter, déi engagéiert sinn, och dem Patron eppes bréngen. Déi si sécherlech vill méi performant wéi anerer.

Do dernieft féiert déi Direktiv dann hei och nach eppes an, wat u sech misst normal sinn: datt een duerf froen, fir flexibel ze schaffen, fir sech ëm seng Kanner ze këmmern. Ech fannen, dass dat misst effektiv normal sinn. Heimat gëtt et awer elo definitiv dann och agefouert.

An et ass sécher – an dat héiert een an all Etüden an an all Gespräicher –, dass och dat heiten, och esou Moosname wéi déi heiten, zur Attraktivitéit vum Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg bäidroen. Wann ee mat ville Leit grad an deem Domän do schwätzt, dann héiert een, dass et de Salaire ass an dass et déi sozial Ofsecherung ass, d'Work-Life-Balance, déi gutt ass, déi d'Attraktivitéit vun engem Standuert ausmaachen.

Duerfir soen ech hei jiddwerengem Merci fir de positive Vott. Dat hei wäert alt ërm eng Kéier, ginn ech emol dervun aus, eng Unanimitéit ginn. An ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Aarbechtsminister Georges Engel. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8016. Den Text steet am Document parlementaire 8016<sup>12</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 8016 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen, kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Aedem, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 9. 8017 – Projet de loi portant modification :

**1<sup>o</sup> des articles L. 233-16 et L. 621-3 du Code du travail ;**

**2<sup>o</sup> de l'article 28-5 de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État**

Den nächste Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtten ass de Projet de loi 8017 iwwert d'Erweiterung vum Pappecongé fir d'Independanten an d'homosexuell Koppelen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. A Rapporteur ass nach eng Kéier den honorabelen Här Dan Kersch. Här Kersch, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale**

**M. Dan Kersch** (LSAP), rapporteur | Merci, Här Président. Léif Kolleginnen a Kollegen, bis elo war et esou, dass opgrond vun engem Gesetz, dat nach vum sozialisteschen Aarbechtsminister Nicolas Schmit abruecht ginn ass, also vun Ärem Virvirgänger, Här Minister, Männer, déi frësch Papp gi sinn, konnte vun engem aussergewöhnleche Congé profitéieren vun zéng Deeg. Vun dësem Congé, deen och als „Pappecongé“ bekannt ass, konnte gläichgeschlechtlech Koppelen awer nëmme profitéieren, wa si e Kand adoptéiert haten.

Opgrond vun den Entwécklungen, déi mer aus anere Beräicher vun der Politik kennen, kënne mer elo hei e Gesetzesprojet diskutéieren, dee mat dëser Ongläichbehandlung vu gläichgeschlechtliche Koppele kann opraumen. An Zukunft sollen och Elteren, déi als „second parent“ unerkannt ginn, vum Pappecongé kënne profitéieren. Op dëser Plaz sief dann och drop higewisen, dass dëse Congé da wuel nach „Pappecongé“ genannt gëtt am Sproochgebrauch zu

Lëtzebuerg, mee dës Bezeechnung – dat gesi mer alleguerten u sech – net méi esou zu 100 % passt.

En zweete Volet, deen dëse Gesetzesprojet virgesäit, ass, de Pappecongé fir Independanten, déi haut zwee Deeg zur Verfügung hunn, op zéng Deeg eropzesetzen, esou wéi dat och bei de Salariéen de Fall ass. Domadder wäerten an Zukunft am Fall vun der Gebuert vun engem Kand respektiv der Adoptioun vun engem Kand Independanten also genausou vill Pappecongé kréie wéi d'Salariéen. Dëse Punkt entsprécht enger Mesur, déi d'Regierung sech am aktuelle Koalitiounsaccord ginn hat. De Staat wäert d'Käschte vun aacht vun deenen zéng Deeg Pappecongé iwwerhuelen, esouwuel bei den Independantë wéi och bei de Salariéen, also véier Fënneftel vun de Käschte ginn hei vum Staat gedroen.

Dëse Gesetzesprojet ass ee vun zwee Projeten, déi haut an der Chamber zum Vott stinn – deen een hu mer scho votéiert – an déi, wéi gesot, op déi Work-Life-Balance-Direktiv vun 2019 zrëckginn.

Während de parlamentareschen Aarbechte goufe parlamentaresch Amendementer den 8. Juni 2023 gemaach. Dës hunn dem Staatsrot dann och erlaabt, seng Opposition-formellen, déi e formuléiert hat, opzehiewen.

De Projet de loi ass den 2. Juni 2022 vum Aarbechtsminister deponéiert ginn. Duerno hunn eng Rei vu Berufschamberen hiren Avis zum Gesetzesprojet ginn. Den éischten Avis war dee vum 28. Juni 2022 vun der Chambre des Salariés, déi hiren Accord zum Projet ginn huet.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet hiren Accord och ginn an d'Staatsbeamtekummer huet souguer nach en Avis complémentaire erausginn, deen och hiren Accord zu de parlamentareschen Amendementer ginn huet.

D'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers hunn den 22. Juli 2022 e gemeinsamen Avis erausginn an och si hunn hiren Accord zu dësem Projet ginn.

De Staatsrot huet a sengem Avis vum 25. Oktober 2022 eng Opposition formelle formuléiert – ech hat et virdru schonns erwänt. A sengem Avis complémentaire vum 4. Juli 2023 konnt de Staatsrot awer opgrond vun den Amendementer, déi gemaach gi sinn, seng Opposition formelle ophiewen.

De 27. Juni 2023 huet d'Chambre des Salariés en Avis complémentaire erausbruecht. Och do huet si hiren Accord ginn zu de parlamentareschen Amendementer.

D'Kommissioun krut den 19. Mee 2022 – dat ass alt schonn eng Zäitchen hier – de Gesetzesprojet presentéiert. De 25. Mee 2023 sinn déi ugesprache parlamentaresch Amendementer decidéiert ginn an dann ass och den Titel vum Gesetzesprojet – och dat soll awer hei eng Kéier erwänt ginn – geännert ginn duerch déi parlamentaresch Amendementer.

De 6. Juli huet d'Kommissioun souwuel den Avis complémentaire vum Staatsrot examinéiert, de Rapport guttgeheescht an och mech als Rapporteur designéiert.

Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmoos dem Här Rapporteur Dan Kersch.

Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz agedroen. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

**M. Marc Spautz** (CSV) | Merci, Här Président. Merci och dem Rapporteur fir den ausféierleche